piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An engem Artikel vum 6 Oktober huet den Inneministère Stellung bezunn zu der Affaire ronderëm zousätzlech Krankeversécherunge fir de Schäfferot vun der Gemeng Luerenzweiler. Hei gëtt kloer festgehalen, dass et sech bei der Gemeng hei em e Feelverhalen handelt, wellecht och esou am Gemengegesetz festgehalen ass.
2018 sinn dës Versécherungen decidéiert ginn, éischt 2023 ass et bei der Kontroll vum Budget vum Inneministère opgefall. Als Erklärung, behaapt e Conseiller aus dem Inneministère, dass ee beim Prinzip vun de Stéchprouwen net alles ka gesinn. Och, kann den Inneministère net soen, a wéi ville Gemengen dëst och nach de Fall ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi erkläert sech de Minister, dass esou eng däitlech Verletzung vum Gesetz net zu de reegelméissege Krittäre vun enger Kontroll gehéiert, an net éischter opgefall ass ?

2. Wäert et säitens vum Inneministère Kommunikatiounen zu dësem Thema an de Finanzen am Allgemenge ginn ?

3. Huet de Ministère mëttlerweil Kenntnis doriwwer a wéi ville Gemengen et dëse Mëssstand gëtt? Falls net, aus wéi enge Grënn a wéini wäert de Ministère dës Kontroll duerchféieren ?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

**Marc Goergen / Député**
22, rue de l'Eau
L-1449 Luxembourg
mgoergen@chd.lu
Tél.: 20 60 66 62

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

**Marc Goergen / Député**

22, rue de l'Eau
L-1449 Luxembourg

mgoergen@chd.lu

Tél.: 20 60 66 62